N°708
Entrée le 08.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2024

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

De 26. Juli 2024 ginn zu Paräis déi olympesch Spiller un. An dësem Kader wäert och eng „Maison du Luxembourg" am Stade Jean Bouin wärend 17 Deeg hier Diere fir de Public opmaachen, ënnert der Konditioun, dass een am Virfeld een Ticket fir 150€ pro Persoun a pro Dag kaaft huet fir dës „VIP Experienz".

An dësem Kader wéilt ech gäre wëssen:

- Op wéi vill Euro chiffréiert sech de globale Projet vun der Maison de Luxembourg?
- Wéi vill Leit ginn sech an der Maison de Luxembourg am Dag erwaart?
- Kënnen Famill a Frënn vun den Athleten an eventuell och d'Mataarbechter vum Sportsministère an dem COSL vun dëse Gebailechkeete profitéieren, ouni en Ticket ze kafen oder fir e moderéierte Präis?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°708 vum 8. Mee 2024 vun der honorabeler Deputéierte Liz Braz.**

- **Op wéi vill Euro chiffréiert sech de globale Projet vun der Maison de Luxembourg?**

  De Budgetsartikel fir d'Maison du Luxembourg gesäit insgesamt 1.200.000 EUR fir. Iwwert säin ordinairen Budget, couvréiert de Sportsministère donieft nach aner ufalend Depensë fir insgesamt 130.000 EUR déi am Zesummenhang matt der Kommunikatioun, Trajeten, Iwwernuechtungen an Equipementer fier Austellungen stinn.

- **Wéi vill Leit ginn sech an der Maison de Luxembourg am Dag erwaart?**

  Mir erwaarden eis eng ganz gutt besichte Maison du Luxembourg déi nieft der Delegatioun vum Team Lëtzebuerg, d'Frënn an d'Famill vum Lëtzebuerger Sport esou wéi och d'Supporter an deene 17 Deeg vun den Olympesche Spiller zu Paräis accueilléiert.

- **Dierfen sämtlech Athleten, déi fir déi olympesch Spiller qualifizéiert sinn, dësen Zentrum aktuell benotzen?**

  Jo.

- **Kënnen Famill a Frënn vun den Athleten an eventuell och d'Mataarbechter vum Sportsministère an dem COSL vun dëse Gebailechkeete profitéieren, ouni en Ticket ze kafen oder fir e moderéierte Präis?**

  D'COSL Delegatioun matt hiren Athleten an Trainere kënne matt enger permanenter Akkreditatioun vun dëse Gebailechkeete profitéieren.

**Lëtzebuerg, den 5. Juni 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo